Communiqué de presse

**Dréchent setzt den Uebst- a Geméisbau massiv ënner Drock – ouni Waasser keng regional Produktioun**

Déi aktuell Dréchent an déi héich Temperature stellen d'Lëtzebuerger Uebst- a Geméisproduzenten dëse Summer virun ëmmer méi grouss Erausfuerderungen. De Lëtzebuerger Landesuebstbauveräin mécht drop opmierksam, datt d'Situatioun mëttlerweil net nëmmen agronomesch, mee och wirtschaftlech fir vill Betriber ganz problematesch gëtt.

Uebst a Geméis brauche Waasser – an dat besonnesch an de Phasen, an deenen d'Planze wuessen, Friichten ausbilden an d'Qualitéit vum Produit bestëmmt gëtt. Bleift de Reen iwwer länger Zäit aus, ass eng Bewässerung dofir keng Komfortléisung, mee eng Grondviraussetzung fir iwwerhaapt kënnen ze produzéieren

*Extrem héich Käschte fir d'Bewässerung*

Déi aktuell Dréchent bedeit fir d'Betriber vill zousätzlech Aarbecht an extrem héich Käschten. Waasser muss disponibel gemaach, gepompelt, transportéiert a verdeelt ginn. Dobäi kommen Energie-, Maschinnen- a Personalkäschten. Trotz dësem groussen Opwand kann d'Bewässerung de Mangel u Reen net ëmmer komplett kompenséieren. Op ville Kulture muss mat méi kléngen Erträg gerechent ginn. Meeschtens muss mat Drénkwaasser genat ginn, wat och nach zousätzlech Käschte bedeit.

Domat geroden d'Betriber an eng wirtschaftlech Schéier: D'Produktiounskäschte klammen däitlech, wärend gläichzäiteg manner Wuer ka verkaf ginn an d'Akommes zeréckgeet.

*D'Konsequenze kënnen och d'nächst Joer nach ze spiere sinn*

Besonnesch am Uebstbau sinn d'Auswierkunge vun enger extremer Dréchent net onbedéngt mam Enn vun der aktueller Saison eriwwer. D'Beem leeën am Laf vum Summer schonn d'Bléienanlagen an domat e wichtegen Deel vum Ertragspotenzial fir dat nächst Joer un. Staarke Waasserstress kann dës Entwécklung negativ beaflossen. D'Konsequenze vun der Dréchent vun haut kënnen domat och nach d'Recolte vun 2027 belaaschten.

Dobäi kënnt, datt jonk Uebstbeem an nei Plantatioune besonnesch empfindlech sinn. Hei geet et net nëmmen ëm eng Recolte, mee ëm Investitiounen, déi fir vill Jore

geduecht sinn. Eng Uebstplantage muss mindestens 20 Joer am Ertrag sinn, fir dass se fir de Betrib wirtschaftlech ass.

*Wie méi regional Produktioun wëllt, muss och Waasser méiglech maachen*

Zanter Jore gëtt zu Lëtzebuerg gefuerdert, méi Uebst a Geméis regional ze produzéieren, d'Liewensmëttelversuergung méi resilient ze maachen an d'Importofhängegkeet ze reduzéieren. An de Regierungsprogrammer vun de leschten 2 an der aktueller Regierung kann een genee dat liesen.

De Lëtzebuerger Landesuebstbauveräin ënnerstëtzt dës Ziler ausdrécklech. Mee dës Politik muss och déi néideg Produktiounsbedéngunge schafen. Wa mir méi Lëtzebuerger Uebst a Geméis wëllen, da musse mir och sécherstellen, datt de Produzenten an Drécheperioden Waasser zur Verfügung steet.

Dobäi geet et net drëm, onlimitéiert Drénkwaasser fir d'Landwirtschaft ze verbrauchen. Mir brauchen eng intelligent an nohalteg Waasserstrategie fir den Uebst- a Geméisbau.

E wichtege Bestanddeel dovunner ass, Reewaasser an deene Méint, wou et am Iwwerfloss do ass ze späicheren an et an de Summerméint fir d'Bewässerung kënnen anzesetzen. Dofir brauche mir Reservoiren, Bassengen an aner Späicherméiglechkeeten, déi un d'Realitéit vun de landwirtschaftleche Betriber ugepasst sinn. Déi Bewässerungen am Summer géifen net just en ekonomescht Iwwerliewe vun eisen Uebst- a Geméisbetriber erméiglechen. Iwwerall wou genat gëtt, bleift d'Biodiversitéit an all hirer Form erhalen a verdréchent net, sou wéi dat dëst Joer massiv de Fall ass.

*Pilotprojete kommen zanter Joren net virun*

Besonnesch enttäuschend ass, datt iwwer esou Léisungen net eréischt zanter dësem Summer geschwat gëtt. Scho viru ronn fënnef Joer goufen éischt Pilotprojete ronderëm d'Späicheren an d'Notze vu Waasser fir d'gäertneresch Produktioun diskutéiert an an d'Weeër geleet. Bis haut komme vill vun dëse Projeten awer net oder nëmme ganz lues virun.

An der Tëschenzäit ginn d'Drécheperioden ëmmer méi zu engem konkrete Produktiouns- a Wirtschaftsrisiko fir eis Betriber. Mir kënnen eis net leeschten, nach emol fënnef Joer iwwer Pilotprojete fir Waasserspäicherung ze diskutéieren, ouni datt um Terrain konkret Léisungen entstinn. Zu Housen gëtt awer e Projet vun der Gemeng realiséiert, an zu 75% subventionéiert, fir Reewaasser opzefänken an d'Waasser aus der Schwämm ze recycléiere fir domadder de Wues ze nätzen. Dat irritéiert d'Bevëlkerung an ass fir d'Uebst- a Geméisbaueren absolut net novollzéibar.

De Lëtzebuerger Landesuebstbauveräin fuerdert dofir, datt déi bestoend Pilotprojete prioritär behandelt, administrativ an ideologesch Blockaden identifizéiert an déi néideg

Geneemegungsprozedure beschleunegt ginn. Gläichzäiteg muss eng kloer national Strategie ausgeschafft ginn, wéi Reewaasser gesammelt, gespäichert a fir d'Bewässerung vun Uebst- a Geméiskulturen agesat ka ginn, ouni dass d'Grond- a Fléissgewässer drënner leiden, mee souguer dervu profitéiere kënnen.

*Waasser ass eng Fro vun der Liewensmëttelversuergung*

D'Diskussioun iwwer Waasser an der Landwirtschaft ass net nëmmen eng Diskussioun iwwer d'Situatioun vun eenzele Betriber. Et ass eng Fro, wéi vill Uebst a Geméis mir an Zukunft nach zu Lëtzebuerg produzéiere kënnen an/oder wëllen.

Klimawandel, méi laang Drécheperioden a méi héich Temperature wäerten d'Ufuerderungen un eis Produktioun weider veränneren. Mir mussen eis Infrastruktur haut dorop virbereeden.

D'Fro déi eminent ass: Wien mécht eis 2050 nach sat ? An anere Regioune vun Europa wäert d'Uebst- a Geméisproduktioun duerch Hëtzt an Dréchent net méi méiglech sinn. Zenarien, dass Südeuropa aus der Produktioun erausfält, si bekannt, ginn awer vu Politik an Ëmweltverbänn ignoréiert.

*Regional Produktioun, Liewensmëttelsécherheet a Waassermanagement gehéieren zesummen.*

Wann d'Politik wëllt, datt och muer nach Uebst a Geméis zu Lëtzebuerg produzéiert gëtt, da brauchen d'Produzenten net nëmme gutt Wierder a politesch Ziler, mee déi néideg praktesch Méiglechkeeten, fir hir Kulturen ze versuergen.

Ouni Waasser gëtt et keng Uebst- a Geméisproduktioun. An ouni déi néideg Infrastruktur gëtt et och keng seriö Perspektiv fir méi regional Produktioun.